pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Jean-Pierre ECKER
Gemengeconseiller

16, Chemin de Brouck

L-4808 RODANGE

Referenz :2024.60419.SECR

Péiteng, de 4. Abrëll 2024

**Betreff: Är Froe vum 4. Mäerz 2024**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Här Linden Claude - Tel. : 50 12 51 – 2030)

Här Jean-Pierre Ecker,

An ärem Bréif vum 4. Mäerz 2024, deen der Gemengeverwaltung per Email de 4. Mäerz 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Op der Generalversammlung vun de Guiden & Scoute vu Rodange, den 22. Februar 2024, krutend'Gemengevertrieder, Membere vun de Guiden & Scouten, souwéi och extern Visiteuren, den Aktivitéitsrapport an de Keeserapport vun 2023 virgedroen.*

*Een Thema wat eis Piraten allerdéngs staark beschäftegt huet, ass déi schlecht Kommunikatioun anZesummenaarbecht zwëschen dem Schäfferot an de Responsablen, déi d'Gerance vum Guiden-aScoutschalet maachen. Am November hu mir Piraten dem Schäfferot drop opmierksam gemaach, dat d'elektresch Käschten, déi net nëmmen fir d'Scouten zu Rodange, mee och déi vu Péiteng en empfindlecht Lach a Keesse gefriess hunn.*

*Mir krute vum Schäfferot eng Äntwert op dësen Bréif, dat, Zitat "Doropshin huet de Schäfferot a senger Sëtzung vum 19. Mee 2023 decidéiert, d'Energiekäschte vun de Chalete vun den zwee Scoutsveräiner aus der Gemeng z'iwwerhuelen."*

*Wat eis allerdengs verwonnert, ass dat säit dem 23. Mäerz 2023, wou de leschten Informatiounsaustausch stattfonnt huet, dat d'Decisioun vum 19. Mee 2023, bis haut net offiziell und'Veräiner weidergereecht ginn ass. Dest gouf um owend vum 22. Februar vun beide Säite bei dëser Generalversammlung bestätegt.*

*Op der anerer Säit, huet de Schäfferot vun dëser Geleeënheet profitéierte fir d'Guiden a Scoute merci ze soen, net nëmme fir hir Aarbecht am Jugendberäich, mee och d'Solidaritéit déi d'Guiden & Scoutevu Rodange mat aner Veräiner a mat der Gemeng, all Joer op en néits pfleegen an ënnerhalen.Dëst kenne mir als Piraten nëmmen affirméieren, dowéinst si mir em esou verwonnert, dat d'Guiden & Scouten net déi neidesch Opmierksamkeet kréien.*

*Och ee bekannte Problem mat der Bausubstanz huet missen dësen Owend op en neit gewise ginn.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

*1. Virwat ass déi d'Decisioun, déi den Schäfferot den 19. Mee gemaach ginn ass, net sënngemäß weidergeleet ginn un déi Responsabel, der AARGS?*

*2. Wéi eng Erkenntnisser sinn punkto Bausubstanz geholl a zerëckbehaalen ginn, no der Visite des lieux vum 22. Februar 2022 vun der Generalversammlung?*

*3. Wär et fir den Schäfferot och eng Option fir d'Onkäschten vum Vidange vun der Dreckskescht ze iwwerhuelen?*

*Mat Respekt,*

*Jean-Pierre Ecker*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Här Ecker,

1. D'Decisioun vum Schäfferot vum 19. Mee 2023 d'Scoute finanziell bei den Energiekäschten z'ënnerstëtzen ass effektiv net mat engem offizielle Courrier weidergeleet ginn.
   Allerdings huet eise Service Environnement déi Responsabel vun de Péitenger wéi och vun de Rodanger Scouten per Mail den 8. November 2023 respektiv de 14. Dezember 2023 iwwer dës Décisioun a Kenntnis gesat.
2. Den Architektebüro "Atelier du Sud" huet eng Bestandsopnam gemaach an déier souwuel d'Beschiedegunge wéi och Solutiounen opgelëscht sinn. Op der Plaz waren och Reunioune mat verschiddenen Entreprisen. Eng éischt Offer gëtt erwaart. Wëll awer lo länger näischt weider gaangen ass, hëlt d' Gemeng nach eemol Kontakt mam Architektebüro op.
3. Wat d'Iwwerhuele vun de Käschte vun de Vidange vun den Dreckskëschte vum Rodanger Scoute Chalet ugeet, sief bemierkt dass d'Gemeng Péiteng net Proprietär vun deem Gebai ass. Wann eng Associatioun e Gebai vun der Gemeng zur Verfügung gestallt kritt fir kënnen hir Aktivitéiten ze bedreiwen, iwwerhëlt d'Gemeng do och déi Onkäschten. Well awer d'Scouten hire Chalet regelméisseg un aner Associatiounen an och u privat Léit verlounen, generéiert des Aktivitéit zousätzlechen Dreck deen da soll normal iwwert de Prinzip vum Pollueur/Payeur entsuergt ginn.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118